103,6 100.3 antenne collective XII 1

Bid a schw. Zeit deser Stonn

D'Gesch v. der letz. Jugend am 2te Weltkr.

Gedanken zou a Berichter iwwert Commémoratiouns Journéen    III^e Journée 1947

Mir haten an de leschte Sendungen iwwert Commemoratiouns Journée gezielt, wéi se nom Krich entstane sinn a gefeiert gouwen. Mir haten eis och Gedanke gemaach wei se an 10 a mé Joeren kënten ausgesinn an un Hand vu Berichter nogewiesen wei hir Programmen mat der Zeit changéiert hun a reduzéiert gouwen. Eso Z.B. d'Journéen vun der Ligue "Ons Jongen"

dei éischt Journée war den 31. August an 1 September 1945

Dei zweet den 30ten an 31 August 1946. D'Programmen fir dei 2 Journéen hu sech also iwwert 2 Deeg erstreckt. Am Cortège sinn all Kéier méi wéi 5000 Jongen mat marsch. Un der Spëtz 2 Autocar'en mat Invaliden déi net konnte mat treppelen awer mat derbei wollte sin. Et waren dei imposante Manifestatiounen direkt nom Krich, an d'Journée de Commémoration Nationale vun der Regierung Sonndes den 13 Okt 1946 organiséiert kann net un de Schied vun desen 2 Journéen vu O.J.

Och dei 3 Journée steet net hannert dénen zwou éischten zréck. Sie fänkt Freides den 29 August 1947 mam Empfang vun der Metzer Militär Musek un. D'Gemeng Lëtzebuerg hat sech et net huele gelos, och dat Joer wei schon dei Joere virdrun, d'Gäscht an enger häerzlecher Receptioun ze begréissen an e Patt Wein ze offréieren. Owends um halwer 9 Auer war de Concert vun der Metzer Musek op der Place d'Armes. Den aneren Daag, Samschdes den 30. August moies war um halwer 11 de feierlechen Leichendéngscht an der gereschter Kathedral. Mir liesen hierinner an der Zeitung O.J.

Virun der Bôr hât en Détachement vun der Garde Grand-Ducale d'E'erewuecht: Oenner den Uwiesenden hu mir d'Vertrieder vun der Regierong bemierkt, den Här Bech als Vertrieder vum Här Staatsminister, de' Hären Ministeren Eug. Schaus, L. Schaus, Osch a Schaffner. Den Hw. H. Beschof war vertrueden durch den Hw. H. Kanonikus Bisdorff. Weider woren de Gemengerot durch den H. Wilwers an d'Armée durch den Lt. Colonel Jacoby, Colonel Ginter an de Major Gilson vertrueden. Eng Abteilong vun der Gendarmerie a vun der Polizei, den Här Muller an C. Linden vun de Resistenzorganisatio'nen so'we' de President vun dem Groupement des Maquisards de Lt. Dominique woren uwiesend.

D'Madame Josy Welter als Giedel an den Här Wagner, Direkter vun der Arbed Dummeldeng als Petter vum neie Fuendel vun der Ligue „Ons Jongen" hâten op der rechter Seit mam Fähnerech, dem Komerod Marcel Schergen, Opstellong geholl, matt den Zentralcomitéen vun der Elterenassociatio'n an der Ligue.

Ech wollt mat Absicht dese Passage bréngen fir de Vergläch mat haut ze machen, wann d'Fédératioun vun den Zw. an hir Mass an d'Kirch op d'Gare invitéiert.

Iwert den Défilee am Nomëtteg liese mir:

Eng bis an de klengsten Detail geregelt Organisatio'n huet et erme'glecht, dass d'Opstellung vum Cortège sech an enger mustergölteger Uerdnung vollzun huet. Oenner de Kläng vun der „Marche du 2e Génie" verle'sst d'Metzer Militärmusek um 15 Auer de Kasärenhaff, wo' sie sech opgestallt hât, a gleich derhanner den Zentralcomité vun der Ligue „Ons Jongen". A wonnerbarer Uerdnung follegen 70 Sectio'nen vun der Ligue un der Spötzt zwe' Autocaren mat mutile'erten Jongen.

De Cortège gêt an d'nei Avenue eran, an hanner de Sectio'nsfuendelen vun der Ligue „Ons Jongen" marsche'eren a Rei a Glidd Dausende vu Jongen. Dausende vu Jongen, de' durch de Preiss an eng Uniform gepresst go'fen, de' hier net wor, stinn haut geschlossen hanner dem Fuendel vun „Ons Jongen", fir erneit ze proteste'eren ge'nt de fatal Gauleiterveruerdnong vum 1. September 1942 a ge'nt all Violatio'n vun hire Rechter.

Virun der Arbed, vis-à-vis vun der Place des Martyrs, ass eng E'rentribün opgericht gin. Op der Tribün gesi mer den Här Collart als Représentant vun H. K. A. der Grande-Duchesse, d'Häre Ministeren Eugène Schaus an Alph. Osch, ons sympathesch Komeroden d'Hären Arthur Steil an Jos. Wohlfart. Muencher én wor vielleicht schmierzlech verwonnert, op der Tribün verschidde Regierungsvertrieder ze vermössen, de' sech do vun der imposanter Solidaritet vum schwe'er gepre'fte Letzeburger Jonktem hätten iwerzége können. Et ass en onendlech Cortège, dé kén Enn huele wellt, a stiermesch begre'sst vun enger ongeheirer Mass vu Sympathise'erenden vun onser Organisatio'n ass d'Spötzt vum Défilé schon durch d'Gro'ssgâss virun dem Cercle ugelângt.

Kaum sin de' e'scht Vertrieder vun de Sectio'nen an den Cercle eragângen, do iwerschwemmt é förmlecht Menschemier d'Place d'Armes. D'Musique Militaire du 2e Génie intone'ert e puer Märsch, während den Cercle sech bis op de' lescht Plâtz föllt.

D'Memberen vum Zentralcomité vun „Ons Jongen" empfänken den Här Collart, d'Ministeren vu Belgien, Frankreich, Amerika an England so'we' d'letzeburgesch Ministeren, de' Hären Eug. Schaus Lamb. Schaus an Alph. Osch.

De Komerod Camille Felgen betrött de Podium a matt senger wonnerbarer Stömm dre't hien de Marsch „Ons Jongen" vum Pol Albrecht, Text vum Leo Berchem, vir, beglét vun der Stadmusek a belo'nt mam Applaudissement vun der Assemblée. D'Cérémonien gin durch Haut-Parleuren op d'Place d'Armes iwerdroen, well et nömmen déne we'negen vergonnt war, eng Plâtz am Sall vum Cercle ze kre'en.

<u>March</u> Dat war de Marsch "Prince Felix" vum Pol Albrecht

Et dierf net vergiess gin dass d'Sektioun Diddeleng als eng vun den 1. a gréisste Sekt. vun de L.O.J. emmer mat starken Delegatiounen op dene Feieren vertrueden war.

Iwert de Programm am Cercle liese mir; nodeem de Komerod Camille Felgen mat senger Interprétatioun ferdeg ~~ass~~ war: de Komerod Arthur Steil, President vun der Ligue „Ons Jongen", ~~d'Wuert.~~

~~Hie~~ begre'sst d'Vertriéder vun déne Länner, de' onse Jongen a schwe'erer Zeit gehollef hun, des weideren den Här Collart als Vertrieder vum Herrscherhaus, d'Regirongsmitglieder, d'Delegue'ert vun de Maquisarden vun Nancy an d'Malgré-Nous vu Metz. Nodem hien dem Gemengerot, Radio Letzeburg, der Metzer Militärmusek, der Press an alle Komeroden vun der Ligue Merci gesot huet fir hir Mattarbecht, weist hien op de' fest Zesummenarbecht vun der Elterenassociatio'n an der Ligue „Ons Jongen" hin. Hie fuerdert all Uwiesend op, hir Gedanken en Ableck un de' ze riechten, de' nach weit vun der Hemecht sin an op hiere Rapatriement warden.

Mais desen Dag, fïrt de Komerod Steil fort, ass iewer net nemmen en Trauer- a Gedenkdag mais och e Remerciementsdag.

Am Numm vun der Ligue „Ons Jongen" iwerrecht du de Komerod Steil mam Komerod Wohlfart d'Plaquette an den E'erendiplome un de' uwiesend ausländnesch Excellenzen Vicomte Berryer, Gesandte vu Belgien, M. Saffroy, Gesandte vu Frankreich, Mister G. P. Waller, Gesandte vun den USA a Colonel Watson, Gesandte vu Gro'ssbritannien als Dank un de' geleschten Dengschter, de' hier betreffend Länner

de Letzeburger Jongen am Krich zo'komme geloss hun. Seng Excellenz de russesche Gesandte vu Bre'ssel, dé leider net uwiesend wor, kritt sein E'erendiplome a seng Plaquette op e spe'deren Datum.

No der Cérémonie ergreift den Här Conrad, Secretaire général vun der Elterenassociatio'n d'Wuert.

Well den ~~Ried~~ Inhalt vun deser Ried d'Problemer vun den Zwangsrekrutéierten 3 Joer no Krichsenn treffend illustréiert bréinge mir/se an der nächster Emissioun mat onsen entspriechende Kommentaren.

No deser Ried, de' öfters durch starke Beifall ennerbrach go'f, huet d'Harmonie Municipale de la Ville de Luxembourg d'Hémecht gespillt an domatt huet de' drett Journée Ons Jongen hiere wirdegen Ofschloss fond.

Ze bemierken ass nach dass de Romain Fandel deemols Generalsekretär vun der Ligue O.f. um Virowend iwwert Radio Lëtzebuerg eng "Causerie radiophonique" iwwert déi 3. Journée O.f. bruecht hat.